Sensibilité politique
Boîte postale 83
L-7201 Bereldange

Fernand ETGEN
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 09/04/2019

Här President,

Sou wéi den Artikel 83 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministere fir Mobilitéit & Verdeedegung weiderzeleeden.

Den 23. Februar 2019 sinn Aktivisten, dorënner och eng amtéierend lëtzebuergesch Europadeputéierten, onautoriséiert op d'Landepist vum belsche Militärstëtzpunkt „Kleine Brogel“ géint d'Stationéierung vun Nuklearwaffen an Europa. Den Här Minister hat an dem Kontext dem Tageblatt gesot, hie géif et net gutt fannen, wann een onrechtsméisseg iwwert den Drot vun enger Militärbasis klotert. Generell ass et bedenklech, dass Ziviliste mat gewéinlechen Hausmëttelen, ewéi enger Lieder an engem Teppech, ouni Weideres op ee NATO Flughafen andrénge kënnen, op dem nuklear Waffe stationéiert sinn.

An deem Zesummenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:

- 1. Ass d'Regierung am Fall vun engem Iwwergrëff vun onautoriséierte Persounen op de Findel virbereet? Falls jo, duerch wéi eng technesch an administrativ Mesurë gëtt verhënnert, dass onautoriséiert Persounen iwwert den Drot, ënnendrënner oder duerch d'Manipulatioun vum Drot op den Territoire vum Findel gelaange kënnen?

- 2. Wéi héich ass den Drot, deen den Territoire vum Fluchhafe vum Findel ëmrond? Ënnert wéi eng Kritäre dës Héicht als sécher ze bewäerten?

- 3. Kéint bei engem Iwwergrëff, wéi um "Kleine Brogel", d'Sécherheet vun de Passagéier, dem Personal oder dem Flughafenmaterial a Gefor geroden?

- 4. Sinn nom Incident um "Kleine Brogel" d'Sécherheetsmoossname ronderëm an um Findel verstäerkt ginn?
  - Falls jo, wéi eng Mesuren si getraff ginn a wat war de Käschtepunkt vun dësen?
  - Falls nee, firwat net?

- 5. Géif d'Regierung et begréissen, wann Aktivisten zu Lëtzebuerg iwwert de Sécherheetsdrot vum Findel géife klamme fir hir Positiounen an d'Medien ze bréngen?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Député